

Reprise vum Championnat Informatiounen zur Schnellteststrategie

1. Wéi oft gëtt getest?

D'Arbitter ginn virun all Match vum offiziellen Championnat getest. Bei duebelen Spilldeeg dh wann Mëttwochs a Samschdes e Match ass, muss virun all Match (dënschdes an freides) getest ginn.

D'Frëndschaftsmatcher falen hei net drënner, do ass de Clibb geroden sech selwer e Schnelltestkit ze besueren fir d'Tester kënnen duerchzeféieren. D'Arbitter kënnen sech do dann op der Plaz och teste loossen wann dat mat de Clibb ofgeschwat ass.

2. Ausféieren vun den Tester :

D'Clibb testen hir Equippen quasi all freides owes virum/nom Training. Hei kënn e Kiné, Infirmier oder Dokter mat der néideger Formatioun fir d'Tester ze maachen. (c.a.« Testpersoun »)

Wou & Wéini dës Tester gemaach ginn, steet alles an der Lëscht déi mir lech zoukommen loossen. Kontaktéiert de jeeweilige Club an seng „Testpersoun(en)“ fir dass déi Bescheed wëssen datt Dir dohi kommt.

- Wann dir iech freides teste gitt, musst dir de Formulaire (*Annexe n°2*) mathuelen an dësen vun der „Testpersoun“ ausfëlle loossen. Dëse Formulaire muss den Dag vum Match kënnen um offiziellen Dësch resp. beim Kommissär presentéiert ginn.
- Wann et net méiglech ass, sech freides testen ze loossen (d.h. aus berufflechen oder private Grënn, an net aus Bequeemlechkeet) – wat sollt d'Ausnam sinn - muss den Arbitter eng vun den „Testpersounen“ (d.h. Kiné, Dokter, a.s.w.) vun deenen 2 Clibb déi en de Weekend päift, bis spéitstens 4 Deeg virum Match kontaktéieren an organiséieren dass hatt/hien kann virum Match getest ginn.

Dëst bedeit an der Praxis:

- Sécherstellen datt eng „Testpersoun“ op der Plaz ass (egal wéi een vun deenen 2 Veräiner).
- Sécherstellen datt dës „Testpersoun“ mindestens annerhallef Stonn (1h30) virum Match an der Hal disponibel ass fir den Test ze maachen.
- Sécherstellen datt d'Testpersoun e Schnelltest an all dat néideg Material bei sech huet.

D'Dammematcher ginn zu 2 gepaff. Fir elo ze evitéieren datt e Match ausfällt well en Arbitter virum Match positiv getest ginn ass, sinn d'Arbitter gebieden sech freides owes bei deen noosten Total League Club oder hiren eegenen Club teste goen ze loossen. D'Lëscht wou d'Tester gemaach ginn kritt dir soubal d'FLBB dës komplett huet.

D'Härematcher (TL) ginn wéi gewinnt zu 3 gepaff. Och hei sinn d'Arbitter gebieden sech freides owes testen ze loossen. Wann een Arbitter net freides getest gouf, an virum Match positiv getest ginn ass, dann gëtt de Match zu 2 gepaff. Dat soll awer d'Ausnam bleiwen !

En Arbitter ouni Test gëtt consideréiert wéi en positiven Test an en dierf de Match net paiffen !

Duebel-Spilldeeg : Wann den Arbitter mëttwochs an samschdes e Match huet, muss e virun all Match getest ginn. Hei gëllt déi nämmelecht Prozedur mam Dag virdrun teste loossen bei deem nooste Club oder ausnamsweis virum Match. D'Responsabilitéit an d'Organisatioun läit beim Arbitter!

3. D'Kontroll virum Match :

- Dammematcher : Vu que datt hei kee Kommissär virgesinn ass, ass et dem Crew-chief seng Responsabilitéit fir ze kontrolléieren datt just déi negativ geteste Spiller, déi um Relevé stinn, och um Bou stinn. Dëst gëllt och fir de Crew-chief selwer a säi Partner, opgrond vum Formulaire vum Owend virdrun. (oder ausnamsweis dem Schnelltest-Resultat um Spilldag selwer)
- Härematcher : Hei huet de Kommissär d'Responsabilitéit ze kontrolléieren datt just déi negativ geteste Spiller, déi um Relevé stinn, och um Bou stinn. De Kommissär kontrolléiert och d'Resultat vun den 3 Arbitter vum Match opgrond vum Formulaire vum Owend virdrun. (oder ausnamsweis dem Schnelltest-Resultat um Spilldag selwer)

4. Déclaration de consentement :(Annexe n°1)

All Arbitter muss déi eemol ausfüllen. Dës Deklaratioun muss un d'Commission des Arbitres geschéckt ginn (Dan KERSCHEN : luxadabl@gmail.com). Den Dan schéckt dann e Fichier mat allen Deklaratiounen un de *Ministère de la Santé*. Dës Deklaratioune ginn « RGPD » conforme behandelt.

Q&A :

- Eng Persoun déi sech mam Virus ugestach huet, kann no 10 Deeg Quarantaine nach eng Zäit duerno positiv sinn ouni awer unstiechend ze sinn. Kann de Schnelltest an dësem Fall och erëm en positivt Resultat uweisen?

Onsen Informatiounen no, ass de Schnelltest no enger Dauer vun 10 Deeg manner sensibel wéi en normalen PCR Test. Dëst heescht datt eng Persoun nach ëmmer kann am PCR Test positiv sinn, ouni unstiechend ze sinn, an de Schnelltest dann awer negativ ass. Dëst ass doduerch ze erklären datt den PCR Test un d'Erbgut geet an de Schnelltest net.

Wichtig ze verhalen ass: Wann de Schnelltest positiv ass dann ass e ganz seriösen Indice do datt déi geteste Persoun krank ass.

Wann den Doute ze grouss ass, kann een och e serologeschen Test maachen loossen an dësen zielt dann.

De Ministère vun der Santé a vum Sport, d'FLBB an d'AdABL sinn sech bewusst datt dës Schnelltest-Strategie keng 100 Prozenteg Garantie gëtt, mee et ass aktuell de séchersten Kader fir erëm kënnen an dierfen dem Sport nozegoen.

Bei Froën zu der Schnellteststrategie kënnt dir e Mail un cathy.donckel@barreau.lu maachen